# SCHOULCHARTA

## École fondamentale
## vun der Stad Iechternach

Eis Schoul hëlleft de Kanner sech elementaart Wëssen a Kompetenzen ze erschaffen an ze entwéckelen, déi et hinnen erméiglechen en autonoomt Liewen ze féieren. Si valoriséiert all Kand a sengen individuelle Fortschrëtter. Si schaaft e Klima, dat sech gënschteg op d'Léieren auswierkt.

- Mir motivéieren an ënnerstëtzen d'Schüler an hire Léierprozesser.
- Mir stäerken hiert Selbstvertrauen duerch positiv Léiererfahrungen an eng konstruktiv Bewäertung.
- Mir huelen all Schüler sou un, wéi hien ass, mat senge Stäerkten a Schwächten.
- Mir erkennen d'Wichtegkeet vun der Kreativitéit a vun der Fantasie un.
- Mir stimuléieren de kritesche Geescht an ënnerstëtzen en eegestännegt Handelen.
- Mir schaffen zesummen, mir léieren ee vun deem aneren a mir hëllefen eis géigesäiteg.

E positiivt Schoulklima ass eng wichteg, jo wesentlech Bedingung, fir en Ëmfeld ze schafen, dat sech gënschteg op d'Léieren auswierkt.

Rosée Morissette :
« Si le climat scolaire […] n'est pas bon, on aura beau mettre en place la meilleure pédagogie, utiliser les outils les plus sophistiqués, tous ces efforts ne mèneront à rien de concluant. »*

Fir e gutt Schoulklima ze schafen an ze erhalen, engagéiere sech all Partner vun eiser Schoul, Initiativen a folgende Beräicher ze entwéckelen oder ze ënnerstëtzen:

**Kooperatioun – Kommunikatioun – Ëmwelt – Gesondheet**

* R. Morissette, M. Voynaud : Accompagner la construction des savoirs
Éditions Chenelière Éducation, 2002 ; p. 208

## 1. **Kooperatioun an Integratioun**

Eis Schoul leet e grousse Wäert op eng gutt Stëmmung, déi sech gënschteg op d'Aarbecht an op d'Wuelbefannen auswierkt. Si toleréiert keng Diskriminatioun, mee schätzt d'Diversitéit an den Équipegeescht.

- Mir schafen e Vertrauensklima, dat op Toleranz an op géigesäitegem Respekt baséiert.
- Mir schaffe mat alle Schoulpartner zesummen.
- Mir bannen d'Schüler mat spezifesche Besoinen an eis pädagogesch a schoulesch Aktivitéite mat an.
- Mir handele verantwortlech a solidaresch.
- Mir toleréiere keng Gewalt, sief se verbal, psychesch oder physesch.
- Mir gräife bäi falschem Verhalen an, mir kucken net ewech, mir lauschteren no a reagéieren.
- Mir suergen all zesumme fir Uerdnung an Disziplin.
- Mir setze Grenzen a respektéieren se.

---

## 2. **Kommunikatioun**

Eis Schoul ënnerhält enk Kontakter mat alle Schoulpartner an invitéiert se, sech aktiv um Schoulliewen ze bedeelegen.

- Mir informéiere grëndlech an transparent.
- Mir huelen eis Zäit fir Gespréicher.
- Mir hunn en oppent Ouer fir d'Uleies vun de Schüler a vun alle Schoulpartner.
- Mir probéieren eventuell Konflikter an engem oppenen a konstruktiven Dialog ze léisen.
- Mir ginn eiser Schoul méi eng grouss Visibilitéit.
- Mir maachen eis op fir d'Baussewelt an engagéieren eis, eis Aktivitéiten an der Ëffentlechkeet ze presentéieren.

---

## 3. **Ëmwelt**

Eis Schoul initiéiert an ënnerstëtzt Sensibiliséierungsaktiounen am Beräich vun der Ëmwelt an dem Naturschutz. Si ass sech der Wichtegkeet vun enger nohalteger Notzung vun den natierleche Ressource bewosst.

- Mir respektéieren eist Schoulgebai, eise Schoulhaff an d'Ëmgéigend vun eiser Schoul.
- Mir passen op eis Saachen an déi vun deenen aneren op.
- Mir verbëtze kee Pabeier, kee Waasser, keen elektresche Stroum, keng Liewensmëttel, ...
- Mir sënneren den Offall systematesch am Hibléck op säi Recyclage.
- Mir bedeelegen eis un Initiativen am Sënn vum Naturschutz an dem Erhale vun enger propperer Ëmwelt.

---

## 4. **Gesondheet a Wuelbefannen**

Eis Schoul ass eng Plaz, wou jiddereen, deen do léiert a Schoul hält, sech wuel fillt. E frëndlecht Schoulklima wierkt sech gënschteg op d'Wuelbefannen an d'Gesondheet aus.

- Mir engagéieren eis fir eng gesond Liewensweis, déi sech positiv op d'geeschteg an kierperlech Entwécklung vun de Schüler auswierkt.
- Mir leeën e grousse Wäert op eng gesond Ernährung.
- Mir bedeelegen eis u Sensibiliséierungscampagnen, déi sech fir eng besser Gesondheet a géint all Zorte vu Mëssbrauch asetzen.

---

Dës Charta, ausgeschafft an Zesummenaarbecht mat alle Schoulpartner, gouf den 10. Juli 2012 zu Iechternach virgestallt an ugeholl.

Théo Thiry
Buergermeeschter
President vun der
Schoulkommissioun

Nicole Wagner
Inspekter vum
Grondschoulunterricht

Anne Wagner
Attachée à la direction
Maison relais

Patrick Denter
Elterevertrieder

Lou-Anne Wang
Schülerin vum Cycle 3.2

André Wernecke
Schüler vum Cycle 3.1

Ferd. Zeimetz
President vum
Schoulcomité